bibliotheque@maacherlycee.lu

newsletter

November 2016

edito

Léif Kolleginnen, Léif Kollegen,

Ech hoffen, dir hutt d'Rentrée gutt iwwerstanen an hat an der Allerhellegevakanz Zäit, iech ze erhuelen. Ech wollt nach emol deene Merci soen, déi mech an de leschte Méint esou léif ënnerstëtzt hunn a mer hir Iddie matgedeelt hunn. Ech sinn ëmmer frou fir all Input. Ech sinn och frou, iech matdeelen ze kënnen, dass mer zënter September däitlech méi "fräiwëlleg" Besich vu Schüler, besonnesch aus den ënneschte Klasse, verzeechne kënnen.

Bis dann a vill Spaass beim Liesen.

Sarah Krecké

wat ännert sech am CDI?

Déi wichtegst Nouvelle ass wuel, dass endlech déi sechs Computeren am CDI installéiert sinn, déi de Schüler zur Verfügung stinn. Ausserdem stinn e puer nei Zäitschréften am CDI prett: *I love English* brëngt de Schüler ganz interessant a mat ville Biller Englesch bäi. Desweideren hu mer elo *GeoAdo* abonnéiert. Dës Zäitschréft ass de franséische Pendant zu Geolino, déi di meescht vun iech jo kennen. Ab elo sinn och all d'Zäitschréften mat der Schüler- (oder Proffe-) Kaart ausléinbar.

Falls een un enger klenger Führung (+-40 Minutten) fir 7ièmen oder och fir aner Klassen interesséiert wier, kann e mer einfach laang genuch am Viraus Bescheed soen, da bereeden ech eppes vir. Ech erklären de Schüler dobäi ënner anerem eis Coten a wéi se um Computer erausfannen, ob mer e bestëmmtent Buch hunn a wou se et fannen. Des Führunge kënnen natierlech och individuell ugepasst ginn.

nei I

Une bouteille dans la mer de Gaza (Valérie Zenatti)

Tal, jeune Israëlienne habitante de Jérusalem, en a plus qu'assez de l'horreur banalisée des attentats. En désespoir de cause, elle écrit une lettre, la met dans une bouteille et demande à son frère, soldat, de l'abandon ner quelque part à Gaza. La lettre doit lui permettre d'entamer une correspondance électronique avec un ou une Palestinien(ne). Tal veut ainsi se prouver que tout espoir de paix et d'entente n'est pas perdu. Un jeune homme, vindicatif et ironique, lui répond. Après des débuts cahotiques, un échange s'instaure. Deux vies totalement différentes et pourtant si proches géographiquement sont mises en parallèle.

(Coten FR-34-001 bis FR-34-024)

nei II

Der Tote im Dorfteich (Franziska Gehm)

Jannek macht Ferien bei seiner Großmutter auf dem Dorf, als er mit seinem Freund Till beim Angeln eine Leiche aus einem Weiher fischt. Der Tote wird seit 5 Jahren vermisst und soll im Dorf nicht sehr beliebt gewesen sein. Das Problem: Das Opfer wurde mit einem Ackerpflug getötet, und zwar genau dem Pflug, der derzeit bei Janneks Großmutter in der Scheune steht. Spannende Unterhaltung ab der 8. Klasse!

(Coten AL-64-001 bis AL-64-025)

Wousst der schonn...

...dass dat Buch, dat am längsten ausgeléint war, 1998 op engem Späicher fonnt ginn ass? D'Buch war am Joer 1916 ausgeléint ginn an ass 82 Joer méi spéit, an d'Bibliothéik zeréckbruecht ginn. D'Bibliothéik huet d'Mahngebühren vu 7.200 kanadeschen Dollar erlooss.

...dass dat onsënnegst Gesetz iwwer Bicher zu Southbridge a Massachusetts existéiert? Do ass et verbueden, no 8 Auer owes op der Strooss Bicher an Zäitschréften ze liesen.